ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3178 iwwert d'Konsequenze vum neie Schoulgesetz op d'Finanzéierung vun de Schoulbicher, erkläert den Educatiounsminister:

"Fir 2018/2019 ass de Ministère am Gaangen eng Analyse ze maachen fir d'Aféierung vun de gratis Schoulbicher an de Lycéeën. Dobäi ass eng Viergab, dat d'Bicher och weiderhin sollen iwwert d'Librairen bezunn ginn, fir den Eenzelhandel nët zë schwächen. D'Modalitéiten sinn am Gaangen ausgeschafft zë ginn."

An deem Kontext hätt ech e puer Froen un den Här Minister:

1. Wéi wäit goufen d'Analys an d'Modalitéiten zur Aféierung vun der Gratuitéit vun de Schoulbicher bis elo ausgeschafft? Ginn et konkret Resultater? Wa jo, wéi gesinn déi aus?
2. Besteet fir déi Analys an d'Ausschaffe vun deene Modalitéiten eng Zesummenaarbecht oder op d'mannst en Austausch tëscht dem Educatiounsministère an alle Librairen, respektiv hiren Associatiounen?
3. Gouf et an dësem Kontext – wat d'Analys an d'Modalitéite betrëfft – vu Säite vun de Librairë Bedenken, kritesch Reaktiounen oder Avisen? Erlaabt dee geplangte System et alle Librairen – also och deene méi klenge Geschäfter – eng fair a gerecht Participatioun um System?
4. Gëtt de Librairë verséchert, datt si dës Gratuitéit bei hirem Ëmsaz net abéissen? Wa jo, wéi?
5. Wier et alternativ net méiglech a vläicht och méi einfach, d'Allokatioune fir d'Schoulrentrée ze erhéijen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique